N°83
Entrée le 04.12.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 04.12.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/12/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Digitalisatioun & Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Verkéiersmeldungen erhalen déi meescht Leit am Auto ëmmer nach iwwert de Radio. Wien en neien Auto huet, kritt awer och vun Zäit zu Zäit Meldunge vum Auto selwer, dee mat engem Piepstoun an enger Textannonce viru kommende Baustellen oder Accidenter warnt, wann dës a senger Datebank verzeechent goufen. De Virdeel vun dësem neie System ass, dass d'Warnungen net allgemeng sinn, mee konkret op eng Gefor hiweisen, op déi een am gaangen ass, zouzefueren. Wéi gutt d'Qualitéit vun de Meldungen, déi ee kritt, ass, hänkt dobäi natierlech vun den Daten of, mat deenen den Auto schaffe kann. Wat méi Verkéiersmeldungen disponibel sinn, wat d'Warnunge méi prezis an aktuell sinn. An aneren EU-Länner ginn d'Autobunnen dofir elo mat Systemer ausgestatt, mat deenen d'Autoen sech beim Laanschtfuere connectéiere kënnen, fir déi aktuellste Verkéiersinformatiounen ze erhalen, déi vun der Verkéierszentral à jour gehale ginn. Laangfristeg sollen d'Autoen zousätzlech dozou am Fall vun engem Accident souguer selbststänneg eng Warnung eraus ginn, déi vum System erfaasst an dann un déi aner Persounen am Verkéier iwwermëttelt ka ginn. Accidenter kéinten esou ouni gréisser Verzögerung gemellt ginn an de Risiko fir zousätzlech Onfäll duerch Autoen, déi an déi accidentéiert Gefierer era fueren, géif staark reduzéiert ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ginn et Pläng fir och zu Lëtzebuerg am Stroossennetz Punkten ze erriichten, wou Autoe beim Laanschtfueren aktuell Verkéiersmeldunge kréien?

2. Falls jo:
   Wéi wäit sinn d'Aarbeschten?
   Mat wéi engem System wäert geschafft ginn/gëtt scho geschafft?
   Wéi gëtt garantéiert, dass d'Autoen Daten iwwermëttelt kréien, mee keng Date vun den Autoen, déi sech connectéieren, gespäichert ginn?

3. Falls nee:
   Wäert d'Regierung sech an Zukunft mam Sujet befaassen, fir e Plang auszeschaffen oder besteet fir dësen Infrastrukturausbau keen Interessi?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Deputéierten

N°83
Entrée le 28.12.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 83 vum 4. Dezember 2023 vum Här Deputéierten Marc Goergen.**

*Fro 1:*
*Ginn et Pläng fir och zu Lëtzebuerg am Stroossennetz Punkten ze erriichten, wou Autoe beim Laanschtfueren aktuell Verkéiersmeldungen kréien?*

De Moment existéiere keng Pläng fir op spezifesch definéierte Punkten am Stroossereseau eng Verkéiersmeldung direkt iwwer sougenannten „Road Site Units“ (RSU) u Gefierer, déi eng Optioun hunn dat technesch ze interpretéieren, ze schécken.

*Fro 2 an Fro 3:*

*Falls jo: Wéi wäit sinn d'Aarbeschten? Mat wéi engem System wäert geschafft ginn/gëtt scho geschafft? Wéi gëtt garantéiert, dass d'Autoen Daten iwwermëttelt kréien, mee keng Date vun den Autoen, déi sech connectéieren, gespäichert ginn?*

*Falls nee: Wäert d'Regierung sech an Zukunft mam Sujet befaassen, fir e Plang auszeschaffen oder besteet fir dësen Infrastrukturausbau keen Interessi?*

D’Stroossebauverwaltung verfollegt déi Thematik, dëst awer an engem wesentlech méi grousse Kader fir eng national Architektur matzeplangen déi laangfristeg op Lëtzebuerg passt a net nëmme eng lokal oder punktuell Investitioun duerstellt. Wéi wäit et sënnvoll ass engem bestëmmten Infrastrukturausbau nozegoe kann haut nach net definitiv gesot ginn. D’Prioritéit läit haut op der lokaler Chantiers- an Accidentswarnung vun de Stroossenotzer*innen duerch déi schonns am Asaz befannend Ofsécherungsgefierer vun der Verwaltung.

Lëtzebuerg, den 28. Dezember 2023

D' Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes